Reglement « Fun Challenge Cliärref »
D'Challenge 1: Kreativ Käpp

Dauer: bis den 12. September

Dir hutt Eech ugemellt fir bei der FUN CHALLENGE CLIÄRREF matzemaachen. Hei eng éischt Challenge fir Eech opzewiermen.

Challenge 1:
Erstellt en Numm fir Är Equipe aus den Ufanksbuschtawe vun de Virnimm vun Äre Memberen. Et soll eng nei Kreatioun sinn. E Numm deen ee ka liesen, net just eng Folleg vun den Initiale vun de Virnimm. Gären däerfen och aner Buschtawe vum Virnumm genotzt ginn, awer ëmmer nëmmen an der Reiefolleg wéi se am Numm gebraucht ginn.

Beispill:
Ugeholl d'Memberen heeschen: Marc, Linda, Gina, Roby a Laurent
Gebraucht ginn z.B. déi éischt 2 Buschtawen vun all Virnumm: Ma Li Gi Ro La
Méiglech Kreatioune wären z.B.: MaRoLaGiLi oder GiLi-RoMaLa

Der kënnt och vu verschidden Nimm 3 Buschtawen oder 2 oder 1 benotzen:
GinLauRoMaLin
GiMa RoLL
GiRoMaLL ...

Schreift den Ufanksbuschtaf vun all Virnumm grouss.

Schéckt Är Kreatioun per Mail un: **city.management@clervaux.lu**
Präziséiert am Mail de Numm vum President vum Grupp.
Eramaile kënnt Der bis den **12. September**

Punkteverdeelung:
All Grupp dierf nëmmen 1 Numm eraschécken dee mat Punkte bewäert gëtt. D'Ufanksbuschtawe vun de Virnimm musse grouss geschriwwe sinn an der Kreatioun vum neien Numm. Fir all Gruppennumm gëtt et 2 Punkten als Startkapital. Fir all Zesummesetzung déi dem Jury kreativ gutt gefält gëtt et jeeweils 2 Punkten zousätzlech. Ënnert alle Participanten kënnen nëmmen 3 Gruppe sech Zousazpunkte verdéngen.

Mer wënschen Eech vill Spaass beim kreativen Zesummebaue vum Numm vun Ärer Équipe.

JUGENDKOMMISSIOUN
VUN DER GEMENG CLIÄRREF

gemeng CLIÄRREF